



■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Galles. An d'Wuert geet zréck un den Här Minister Claude Turmes.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.**- Also ech mengen, wéi vill der do solle matmaachen, dat ass wierklech ganz, ganz schwéier, elo do eng Zuel festzemaachen. Wat mir am wichtegsten ass, dat ass, dass mer an de Megawatt, déi mer hei zu Lëtzebuerg an erneierbar Energien investéieren, virkommen. Ech sinn och ganz frou, dass déi zwou grouss Wandanlagen elo am Weste stinn, well dat sinn ... Dir musst ëmmer wëssen, eng Wandanlag, dat ass wéi nëng Hektar Solar, a wann Der dat emol erofbriecht op eenzel Haiser, da gesitt Der, dass dat ganz, ganz vill Haiser sinn. Duerfir sinn ech frou fir all déi Buergermeeschteren - a mir hunn der heibanen e puer sëtzen -, déi dat eeben och ënnerstëtzen.

Déi zweet Fro vun der Käschteverschibung, ech mengen, dat ass eng Saach vu Gréisstenuerdnung. Wann emol bis eng Kéier ee Prozent vun eisem Stroomverbrauch am Eegestroumverbrauch wier, da géifen déi Méikäschtchen doduerch jo nach op 99 % vum Rescht verdeelt ginn. Also mir hunn dat intern e bëssen hin- an hiergerechent. Mir sinn do ëmmer op Gréisstenuerdnung kumm, déi wierklech wäit hannert dem Komma waren, soudass do an där Richtung och näischt ze fäerten ass.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Energieminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7266. Den Text steet am Document parlementaire 7266¹³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7266 et dispen-

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dësse Projet de loi mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen);

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup);

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5. 7640 - Projet de loi portant modification de la loi du 17 avril 2018 concernant l'aménagement du territoire

Mir kommen elo zum Projet de loi 7640 iwwer eng Ofännerung vum Gesetz iwwert den Aménagement du territoire. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Jean-Paul Schaaf, den Här Max Hahn, d'Madamm Cécile Hemmen, den Här Fred Keup an den Här Marc Goergen. An ech ginn d'Wuert un d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

■ **Une voix.**- A!

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

■ **Mme Semiray Ahmedova (déi gréng), rapportrice.**- Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, haut stellen ech lech e relativ kuerzen an

technesche Gesetzesprojet vir, deen awer wichteg ass, fir net ze soe ganz wichteg ass fir d'Ëmsetzung vun der Landesplanung um Terrain.

Dësse Projet de loi gesäit eng Rei punktuell Ännerungen vum Landesplanungsgesetz vum 17. Abrëll 2018 vir. Am Kontext vun de Prozedure vun de véier sektorielle Pläng an de Beräicher vum Transport, vum Wunnengsbau, vun de Grénglandschaften a vun den Aktivitéitszonen huet de Staatsrot déi entspriechend Projet-de-règlement-grand-ducallen ënnert d'Lupp geholl an huet a sengen Avisen drop higewisen, datt fir e puer Elementer u sech eng Base légale am Landesplanungsgesetz géif feelen. Dofir proposéiert dësse Projet de loi déi entspriechend Ännerungen zum Landesplanungsgesetz, fir datt déi véier Pläng endlech kënnen a Kraaft trieden.

D'sektorieel Pläng setzen d'national Landesplanung um Terrain ëm a sinn dohier e ganz wichtegt Instrument fir eng nohalteg a kohärent Entwécklung vun eisem Land. Si definéieren nämlech strateegesch Zone fir d'Wunnen, fir d'Schaffen an den Aktivitéitszonen, fir den Transport an och fir den Erhalt vun der Natur - do, wou et Sënn mécht, an natierlech zum Beispill do, wou d'Infrastrukture virleien.

Ech wollt nach konkreet e puer Beispiller aus de Projets de règlement grand-ducaux ervirhiewen, fir dat Gantz e bësse méi gräifbar ze maachen.

Fir d'Kontinuitéit vun de Landschaften an doduerjer zum Beispill och wichteg ökosysteemesch Leeschtungen ze erhalen, gesäit de Plan sectoriel « Paysages » notamment eng Zone verte interurbaine zwëschent der Stad an dem Minett vir. Och eng weider Villzuel u Coupure-verten a Couloir-verté sinn an dësem Projet uechtert d'gantz Land virgesinn.

Fir méi abordable Wunraum definéiert de Plan sectoriel « Logement » prioritär Wunonzonen a gesäit zum Beispill och vir, datt all PAP, de sougenannte Plan d'aménagement particulier « nouveau quartier », mat méi wéi 25 Eenheeten 30 % vun der bebauter Fläch fir Logement à coût modéré respektiv Locatiounswunnenge muss virgesinn.

Elo erëm zréck zum Projet de loi. Wéi gesot, mécht de Projet de loi e puer punktuell Ännerungen am Landesplanungsgesetz, an ech wäert lech déi véier wichtegst opzielen.

D'Landesplanungsgesetz beschreift ënner anerem de Contenu vun de sektorielle Pläng, dat heescht, wat esou e Plang virschreiw soll a kann. Hei gëtt virgesinn, datt e Plan directeur sectoriel linear Installatiounen, wéi zum Beispill Transportinfrastrukturen oder Héichspannungsleitungen, ka verbidde respektiv se u Konditiounen ka bannen.

E sektorielle Plang soll och kënnen virschreiw, wéi eng Konstruktiounen oder Dechargen autorisabel sinn, respektiv ënner wéi enge Konditiounen se kënnen vergréissert ginn. Heimat gëtt eng Base légale geschaf fir d'Dispositiounen, déi am Plan sectoriel « Paysages » virgesi sinn.

Et gëtt am Gesetz och preziséiert, datt e sektorielle Plang ka virschreiw, datt e PAP « nouveau quartier » ënner verschiddene Konditiounen mindestens 30 % vun der bebauter Wunnfläch muss fir abordable Wunnenge virgesi respektiv fir Locatiounswunnengen, déi dann dee Moment och ënnert d'Aide-aulogements-Gesetz géife falen. Heimat kreéiere mer dann och eng legal Basis fir Dispositiounen, déi am Plan sectoriel « Logement » virgesi sinn.

Da gëtt preziséiert, wat den Impakt vun engem sektorielle Plang op Autorisatiounen ass, déi schonn ausgiwwert goufen op Basis vu verschiddenen Artikelen vum Naturschutzgesetz.

An da gesäit de Projet de loi d'Méiglechkeet vir, datt de Staat eng Convention de coopération territoriale mat enger eenzelner Gemeng kann ënnerschreiw.

Ech ginn elo kuerz op d'Aarbechten an der Logementskommissioun an.

Dësse Projet de loi hate mer zesumme mam éischten Avis vum Staatsrot an der Kommissioun vum 27. November durchgeholl. A sengem éischten Avis huet de Staatsrot zwou Opposition-formellen erausginn: Éischtens huet e weinst Sécurité juridique gefrot, datt déi nei Punkte 6bis a 6ter sollte reformuléiert ginn. Pour rappel: Hei geet et ëm déi nei legal Basis fir d'Prescriptioun vum Plan sectoriel « Paysages » fir Installation-linéairen a fir Konstruktiounen oder Dechargen. Mir hunn déi Reformulatioun och mat engem Amendement parlementaire gemaach.

Zweetens hat en d'Dispositioun kritiséiert, déi am initialen Text virgesi war an déi ëm déi finanziell Bedeelegung vum Staat bei der Convention de coopération territoriale gaangen ass. Dee Passus hu mer einfach duerchgestrach. Dat heescht awer natierlech net, datt déi Konventiounen net méi finanziell kënnen ënnerstëtzt ginn. Et ass just esou, datt de Financement, also d'Moyenen, sech éischer, am Budgetgesetz erëmfannen. Doduerjer konnt de Staatsrot seng Opposition-formellen och a sengem Avis complémentaire vum 19. Dezember ophiewen.

Mir hu weider den Avis vun der Chambre des Métiers am August, den Avis vun der Chambre de

Commerce am Oktober an den Avis vum Syvicol am November kritt. An hire jeeweilegen Avisa weisen d'Chambre de Commerce an de Syvicol eis drop hin, datt dësse Projet de loi an och de Projet de loi zum Pacte Logement 2.0 Ännerungen um Artikel 11 vun der Landesplanung wëllen ënnerrhuelen, mee dat op verschidden Aart a Weisen, a mierken un, datt et wichteg ass, hei op Kohärenz opzepassen.

De Syvicol begréisst ënner anerem och, datt Conventions de coopération territoriale elo och kënnen just mat enger Gemeng ënnerschrifwe ginn.

Fir den Detail vun de jeeweilegen Avisa verweisen ech natierlech op mäi schrëftleche Rapport.

Ech kommen elo zum Schluss. Mat dësem Projet de loi gi mir also eng Äntwert op den Avis vum Staatsrot zu de véier sektorielle Pläng. Mir schaffen u sech am Landesplanungsgesetz op e puer Punkten eng legal Basis, déi néideg war, fir kënnen sektoriell Pläng um Terrain a Kraaft trieden ze loosse. Domadder droe mer bäi zu dëser kohärenter, nohaltiger a virausschauender Entwécklung vun eisem Land, wou d'Liewensqualitéit vun de Biergerinnen a Bierger, déi hei wunnen an och hei schaffen, am Mëttelpunkt steet.

Dat gesot, ginn ech natierlech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools der Madamm Rapportrice, der Madamm Semiray Ahmedova. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Jean-Paul Schaaf ageschriwwen. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Jean-Paul Schaaf (CSV).**- Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, Här Minister, wann e Gesetz zur Diskussioun an der Chamber kënnt a wann ee sech bei de Riedezäiten op esou e Modèle de base eenegt, dann heescht dat jo, datt eigentlech kuerz Riedezäite virgesi sinn. An da kéint ee jo mengen, et wier e Gesetz, wat manner wichteg wier wéi aner Texter. An dësem Fall jiddefalls ass et net esou. Mir stëmmen d'Ännerungen vum Gesetz vum 2018 iwwert den Aménagement du territoire, fir dass déi véier sektoriell Leitpläng och kënnen juristisch verbindlech via Règlement grand-ducal applikabel ginn an dann och déi Leitlinien, déi d'PAGE vun de Gemenge kadréieren an deene véier Beräicher Logement, Transport, Landschaft an Industriezonen, rechtskräftig a Kraaft kënnen trieden.

D'Rapportrice, där ech Merci soen, huet an hirem exzellente schrëftlechen a mündlechen Rapport prezis geschriwwen, ëm wat et geet. Dorop wëll ech guer net méi agoen. An ech wëll och direkt d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem wichtige Gesetz ginn, well mer frou sinn, datt déi Instrumenter vun der Gestaltung vum Land och endlech kënnen effektiv ginn.

D'Plans directeurs sectoriels sinn en Instrument. Si si keen Zil. Si si keng absolutt Äntwert op déi laangfristeg Ziler, déi sech d'Politik gëtt. Si ginn d'Richtung vir fir eng Etapp, déi och op der Zäitschinn net ze chiffrieren ass. Deen neie Plan directeur de l'aménagement du territoire, dee soll déi wierklech Ziler vun der Landesplanung benennen an och derfir suergen, dass mir eis och alleguer als Acteuren hannert déi Ziler stellen.

Dass an den Avisen zu dësem Gesetz drop higewise gëtt, dass de Plan directeur keng rechtlech Inzidenz op d'Plan-sektorielle soll hunn, dat weist mir eng gewësse Suerg, déi iergendwou do ass, dass d'Regierung géif quasi vun uewen erof dat Land verplangen. Duerfir wënschen ech mer weiderhin esou en offenen Dialog, Transparenz an och Integratioun vun allen Acteuren. Ech encouragéieren d'Regierung, op deem Wee net nozeloossen a sech op Aenhéicht mat den Iddien, de Wënsch an de Besoinen vun de Gemengen, besonnesch als éischten Usprichpartner, auserneenzesetzen.

Eng zweet Remark: Mir kënnen et jo maachen, wéi mer wëllen, awer bei allen Zukunftsueroen ëm d'Gestaltung vum Land komme mer iergendwann op d'Fro vum Wuesstum zréck. Ech stelle fest, dass d'Gemengen an hire PAGE sech och Wuesstumsziler, also eng Vitess vu Wuesstum ginn hunn an ustriewen, déi net onbedéngt en ligne ass mat där, déi vu Regierungssäit dacks benannt gëtt - déi ass méi héich.

Ech hoffen dofir, dass mer eis allegueren eng Kéier kënnen beieneesetze fir ze soen: Wéi diskutéiere mer déi dote Fro a wou fanne mer eigentlech eng Äntwert, hannert déi mer eis alleguerte kënnen stellen? Dat ass keng einfach Fro, well se noutgedronge mat der Endlechkeet vun der Capacitéit vun eisem Lëtzeburger Land, vun eisem nationalen Territoire ze dinne huet an doraus direkt dann och mat enger Organisatioun, déi méi Nohaltigkeet an awer eng gutt finanziell Ofsécherung vun eisem Land an eise Verpflichtungen, eisem Wuelstand, ouni ëmmer just op méi Leeschtung a méi Volumen ze setzen, beinhalt.

Drëtt Remark: Den aktuelle Plan directeur vum 2003 ass an der Iwweraarbechtung. En ass net méi op

der Héicht vun der Zäit, grad wéi den IVL vum 2004 dat net méi ass. Am Plan directeur vum 2003 stoung dran, wann déi héich Konjunktur zu Lëtzebuerg weider géif unhalen, da kéinte mer am Joer 2020 550.000 Awunner zielen. Elo ass d'Joer 2020 eriewer a mir hunn der 626.000. Mir sinn also net en ligne mat deem, wat ass am Joer 2003 erwaart ginn.

Wann d'Regierung déi Plan-sektoriellen, déi mam Gesetz vun haut kënnen a Kraaft trieden, am Mee 2014 virgestallt huet - dat sinn elo siwe Joer hier an zu deem Moment huet Lëtzebuerg déi 550.000 Awunner gezielt -, dann dierf een d'Fro stellen, ob déi Plan-sektoriellen, déi viru siwe Joer geschriwwen goufen, och den Erausforderung vun deem Joerzénge, dat elo ufängt, entspriechen. Si si geschriwwen ginn, wéi Lëtzebuerg 14 % manner Awunner hat ewéi haut an 19,8 % manner Aarbechtsplazen hat wéi haut. Dofir: A wat fir engem Rhythmus ... Här Minister, wéi gi mer domat ëm, fir déi nei Erausforderungen ze benennen a fir déi och vläicht an eng Iwweraarbechtung vun de Plan-sektoriellen ze integréieren? Dat ass eigentlech meng Fro. D'Landesplanung, dat, mengen ech, weess jiddereen, muss dobäi e Bléck méi wäit wéi 15 Joer no vir geheien.

Ech wëll zum Schluss kommen, ech gesinn och hei, datt d'Zäit rout gëtt. Dat gesäit een net dobaussen, mee wann een hei steet, da mierkt een dat.

Et ass haut, mengen ech, e wichtige Schrëtt, fir eeben d'Planungssécherheet vun eisem Land ze kréien. Et ass awer e Schrëtt, an deem d'Gemengen e wichtige Partner sinn. Duerfir wënschen ech mer, dass mer an engem permanenten Dialog leien an dass d'Gemengen och e Matsproocherecht kréie bei de weidere Schrëtt vun der Landesplanung.

An ee ganz einfache Schrëtt, an domat schléissen ech, wier et, Här Minister, wann Der de Gemengen an hiren Techniker elo zesumme mam Interieur géift eng Sammlung gi vun deene wichtigsten Texter vum Amenagement, op déi se solle Récksiicht huelen, an hinnen zum Beispill den Text coordonné vum ofgeännerte Gesetz vun haut oder eng Zesumme-faassung vun de Plans sectoriels mat e puer Erklärungen zu der Hierarchie vun den Normen, de Prozeduren an esou weider géift zoukomme loosse. D'Gemenge musse jo och hir PAGen iwwerpräiwen, ob se konform sinn zu deem, wat haut hei decidéiert ginn ass a wat an de Plan-sektoriellen op se duerkënn. Ech mengen, datt d'Gemengen doriwier frou wieren an datt se och ganz sécher d'Regierungspolitik ëmsetzen a matënnerstëtzen wëllen, wa se verstanen a gedroe gëtt. An dofir dës klengen Appell mengersäits. Voilà.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Schaaf. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Max Hahn (DP).**- Merci, Här President. Ech mengen, de Jean-Paul Schaaf huet et elo an der Entrée vu senger Ried gesot: Et ass net, well mer eng kuerz Riedezäit hunn, dass déi Gesetzter net wichtig wäeren, ganz am Géigendeel. Wéi wëlle mer wou wunnen? Wou wëlle mer Mobilitéit schafen? Wou wëlle mer Aarbechtsplaze schafen? Wou wëlle mer Gréngzonen halen? Dat ass Landesplanung. Landesplanung geet net ouni Plan-sektoriellen. Fir dass déi Plan-sektoriellen a Kraaft kënnen trieden, maache mer déi Adaptatiounen, déi d'Rapportrice hei, mengen ech, exemplaresch presentéiert huet. Dofir hir e ganz, ganz grouse Merci.

An ech mengen, dass mer, jo, an der Vergaangenheet do net alles richteg gemaach hunn. An deene leschte Joerzénge hu mer sécher an der Landesplanung net alles richteg gemaach. D'Plan-sektoriell sinn op d'mannst Instrumenter, déi dozou dierfte bäidroen, méi Uerdnung, soen ech emol, eranzekréien, do, wou mer Aarbechtsplaze schafen, wou mer wëlle wunnen - wéi gesot, ëmmer mam Hannergrond, fir d'Aarbechtsplaze méi no bei d'Wunnen ze bréngen, also d'Mobilitéit, d'Fräizäit oder Aktivitéite beieneenzebréngen. Dat ass den A an O vun enger gescheiter Landesplanung.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Hahn. An ech ginn d'Wuert direkt weider un déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).**- Merci, Här President. Och mir fannen, dass dës Gesetz wichtig genuch ass, dass een e puer Wiederer méi driwwer verléiert.

Déi véier Plans directeurs sectoriels, PDSen, hunn eng laang an eng net ëmmer onbeschwiért Rees hannert sech a mat den Ännerungen am Gesetz zum Aménagement du territoire vun 2018 iwwersprange mer elo wierklech eng vun deene leschten Hürden. An domadder gi mer eis dann och e wichtegt Instrument - wat haut de Mëtteg hei schonn dacks genuch widderholl ginn ass -, e wichtegt Ins-



trument a Saachen national a kohärent territorial Planung, fir an Zukunft nach méi effikass kënnen ze schaffen.

Den Aménagement du territoire selwer ass jo en Instrument, wat eis et erlabe soll, op engem limitéierten Territoire verschidden Zonen ënnerschiddleche Fonctionalitéiten zouzeweisen, fir esou eng geuerdnet an och eng durabel Entwécklung ze promouvieren.

Wann déi effikass Notzung vum Territoire fir all Land wichteg ass, sou ass et fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg nach méi pertinent. An d'PDSe si jo en Instrument d'exécution vum Gesetz vun 2018 a sollen d'Visioun vum Aménagement du territoire, wéi se och schonn am Programme directeur de l'aménagement du territoire vun 2003 définiert gouf, mat Liewe fëllen. An zesumme mat anere Kaderen an och mat aneren Instrumenter sollen déi sektoriell Pläng eng besser territorial Planung am Allgemenginteressi erlaben, déi all Bierger beschtméiglech Liewenskonditiounen bidde soll. Virun allem ass awer och wichteg, dass déi véier Plans sectoriels openeen ofgestëmmt sinn a probéieren, och eng kohärent Planung opzustellen.

Dës Ziler kënnen mer awer just erreechen, wa mer eise begrenzten Territoire strateegesch gutt notzen an esou fir méiglechst jiddwereen am Land dee richtegen Equilibre fannen.

Loosst mech ofschléissen, andeems ech soen, dass mir als LSAP et och ganz gutt fannen, dass et mat dësem Gesetz elo och wäert méiglech sinn, eng Convention de coopération territoriale mat enger eenzelter Gemeng ofzeschléissen, déi am Artikel 26 vum Gesetz vun 2018 virgesinn ass.

A wéinst all dës Grënn ënnerstëtzt d'LSAP natierlech och dëst Gesetz, awer net ouni der Madamm Ahmedova e grouss Merci ze soe fir dee gutt verständleche Rapport. A mir ginn heimat den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen der Madamm Hemmen villmools Merci a ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, léif Kollegen, ech soen der Madamm Ahmedova och villmools Merci fir dee gudden a verständleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. An ech kann och direkt soen, ech mengen, hei am Gesetz ass elo net esou vill dran, fir dergéint ze stëmmen, a mir stëmmen dann och sécherlech derfir.

Ech muss soen, dass d'Landesplanung jo och immens wichteg ass an ëmsou méi wichteg ass an engem Land wéi Lëtzebuerg, wat esou e staarke Wuesstum kennt, wéi mir elo säit zéng Joer ... - virun zéng Joer huet dat am Fong richteg eng Kéier esou e Knick no uewe gemaach -, wéi mir en elo säit zéng Joer kennen. An ech ... Wéi ech elo den Här Schaaf héieren hunn, hien huet dat jo och e bëssen ugeschwat, déi Previsiounen sinn ëmmer ganz schwéier ze maachen.

Ech erënnere mech, ech war am Lycée Michel Rodange - et waren der nach eng Partie vun heibannen do -, deen ass deemools gebaut ginn 1968, wou se geduecht hunn: Mir bauen deen an esou Containerform, well dee soll 25 Joer halen. Duerno brauche mer en net méi, well d'Bevëlkerung wäert erofgoen an da sinn déi Lycéeën iwwerflësseg.

Duerno si mer jo eppes Besseres beléiert ginn: Mir hunn een immens rasante Bevëlkerungswuesstum kannt, ganz besonnesch eeben déi lescht zéng Joer, wou mer eng Bevëlkerungszouunam vun 12.000 Awunner pro Joer haten - dat sinn deelweis 2,5 % gewiescht, da schwätzt een an der Geografie vu Bevëlkerungsexplosioun. A verschiddene Gemengen ass dat 1 %, 2 %, 3 %, mee ech mengen,

wann eng Gemeng ëm 2 % pro Joer wüsst, dat ass enorm! An dat stellt enorm Erausforderungen un déi jeeweileg Gemengen, mee natierlech och un d'Land.

Mir gesinn dat an de Wunnungspräisser, déi an d'Luucht ginn. Mir gesinn dat an enger gewësser Zersiidlung, déi stattfënt - Zoubetonéierung ass esou e Wuert, bon -, et entsti vill nei Quartieren, Wunntierm, deenen awer e bëssen d'Séil feelt. D'Natur gëtt natierlech noutgedrongen op ville Plazen och zerstëiert, dat ass an deem Kontext net ze verhënnere. Integratioun ass och net méi esou einfach. D'Zesummeliwee fonctionéiert op ville Plazen vläicht och net méi esou, wéi et sollt. E gewëssene Communautarismus oder, jo, d'Leit liewe sech e bëssen auserneen an deem ganze Kontext vun deem Wuesstum. Dat sinn negativ Aspekter.

Do, wou mer et alleguerten am beschte gesinn, dat ass natierlech beim Trafick: Mir hu pro Joer, ech hunn eng Kéier gekuckt, ongeféier 15.000 Autoe méi op eise Stroossen. Rechent dat emol op zéng Joer: 150.000 Autoe méi! An do komme mir natierlech guer net no. Ech hat virdrun an der Ried dervu geschwat, fir de schnellen Tram op Esch gëtt elo gerechent, dass deen 2035 fäerdeg wier, wann ech mech net ieren. Do gesäit ee jo, dass mir do guer net, awer guer net nokommen. Also dat ass ... Dat muss een awer agesinn.

(*Interruption*)

Ech weess och net, wéi mer de Bevëlkerungswuesstum elo direkt esou gebremst kréien. Et gi verschidde Méiglechkeeten, mee dat ass ganz sécherlech schwéier. Mee dat ass de Kär vum Problem an dat ass dat, wat eebe grad och d'Erausforderung ass an der Landesplanung an an dës ...

(*Interruption*)

... sektorielle Pläng. Voilà, dat sinn d'Erausforderungen, déi op eis zoukommen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

(*Interruption*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Fred Keup. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Merci dem Semiray Ahmedova fir dee gudden mëndlechen a schrëftleche Rapport. Och mir Piraten wäerten deem Update vum Gesetz zoustëmmen a soen der Madamm Ahmedova awer och nach eng Kéier Merci, virun allem fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun. Dat wollt ech nämlech net vergiessen. Et ass nämlech d'Madamm Ahmedova an hirer Kommissioun, déi ëmmer am Logement, och wann et ... - dat hei ass elo guer net d'Logementskommissioun -, mee an der Logementskommissioun, wou et ëmmer extreem gutt zesummeschaffen ass.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert. Den zoustännige Minister fir den Aménagement du territoire, den Här Claude Turmes.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Aménagement du territoire.**- Villmools merci all deenen, déi geschwat hunn an och d'Wichtegkeet vun dëser Gesetzesännerung unerkennen, déi Der haut mat enger grousser Majoritéit stëmmt, an dat freet mech, well se ... An ech mengen, d'Madamm Hemmen huet dat gesot: Dat war elo eng laang Rees vun deene Plan-sectoriellen an dat hei ass déi lescht administrativ Hürd. Dat heescht, mat deem Vott haut ginn elo d'Plan-sectorielle méiglech am Beräich vum Logement, am Beräich vum Transport, am Beräich vun de Zones d'activités économiques - wat jo och wichteg ass grad fir eis Handwerksbetriber, fir och nei Plazen ze fannen -, an dann natierlech och de Plan sectoriel « Paysages », deen eng Hëllef ass - an ech mengen, dat hate mer och eng Kéier hei mam André Bauler diskutéiert -, fir eeben

och d'Zersiidlung vun eise Landschaften besser an de Grëff ze kréien.

Ech mengen, ech gi lo net op d'Detailer an. Ech soen der Madamm Ahmedova villmools Merci fir hire ganz explizitte Bericht. Dat ass alles wonnerbar do geschriwwen.

Vläicht déi eng Demande, déi komm war vum Här Schaaf: Ech hat effektiv déi selwecht Iddi an et ass esou, dass mer amgaang sinn, zesumme mam Intérieur en Aide-mémoire ze maachen, fir de Gemengen eeben och elo am Prakteschen ze hëllefen, well dat jo en direkte Lien huet mat de PAGen. A mir hunn elo an de leschte Wochen eng ganz gutt Zesummenaarbecht mam Intérieur.

Dat heescht, dat gëtt zwou Saachen: Dat eent ass eng Circulaire an déi wäert och erausgeschéckt ginn an deenen Deeg, ier et am Mémorial publizéiert gëtt, fir dass d'Gemengen, déi jo eigentlech och déi éischt Adressate sinn um Terrain, all d'Informatiounen hunn, dass se et net aus der Zeitung gewuer ginn, mee dass se et iwwer eng Circulaire gewuer ginn an eeben all Informatiounen hunn, déi se brauchen. An dann den Aide-mémoire, deen, mengen ech, op eng flott Aart a Weis déi eenzel Froen erkläert, déi ustinn.

Eng kleng Neierung, déi mer dragesat hunn, ass och déi Kooperatiounsméiglechkeet zwëschent dem Amenagementsministère an den eenzelne Gemengen. An dat maache mer ganz gären, fir dass mer do eeben och e gezielt Instrument hunn, wa mol gréisser urbanistesche Projeteen ustinn oder Froen, déi eng Gemeng wëll mat eis diskutieren.

Da wollt ech vläicht nach ee Wuert soen, wou mer elo quasi dru sinn am Iwwerleeën an Neischreiwe vum Programme directeur. Et ass esou, dee leschten ass vun 2003. Dee vun 2003, deen ass effektiv duerch d'Dynamik, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn ..., also d'Dynamik ass méi schnell wéi dat, wat de Programme directeur deemools virgesinn huet. Duerfir, mengen ech, ass et och wichteg, dass mer dës Kéier probéieren, en Exercice ze maachen, wou mer wierklech och wäit no vir kucken an dann och mat deene beschtméiglechen Ekippen, fir e Gefill ze kréien, wat mer da mussen alles maachen, fir d'Planung an eisem Land nach besser an de Grëff ze kréien.

An duerfir hunn ech eng Rei Saache lassgetrëppelt. Dat eent ass eng Consultation internationale. Mir hunn aus 30 Ekippen der zéng erausgewielt, déi am Moment amgaange sinn, un enger sougenannter Metrik vun engem Territoire, dee klimafreundlech ass, also Zero Carbon ass, ze schaffen. Ufank des Mounts komme mer da vun zéng op sechs Ekippen, an herno nach eng Kéier vu sechs op dräi Ekippen, déi da ganz am Detail probéieren, eng Visioun fir Lëtzebuerg ze entwéckelen: Klimaschutz, Biodiversitéit, natierlech och Resilienz, Covid an natierlech, mir sinn déi Plaz an Europa mat dem meeschte grenziwwerschreidenden Zesummenhang, ob dat Grenzgänger sinn, déi heihinner schaffe kommen, déi ganz sozioökonomesch Verflechtungen mat der Groussregioun oder mat de Gemengen, virun allem déi ganz no ronderëm eis sinn, dat wäert natierlech och e Rôle an där Consultation internationale spillen.

Mäi Virgänger, de François Bausch, hat d'Bierger schonn eng Kéier agebonnen an deen Exercice. A lo gëschter Owend war de Biergerkomitee, dee Luxembourg in Transition 2050 begleet, fir d'éischte Kéier zesummen. A mir hunn elo iwwert d'ILReS 30 Bierger, déi wierklech also representativ ..., oder déi d'Gesellschaft zu Lëtzebuerg erëmispigelen, erausgesicht. Déi wäerten eis iwwer ee Joer laang hëllefen am Dialog mat deenen Ekippen, déi mer hunn, a si wäerten herno awer och selwer Virschléi maachen, soudass mer, denken ech, och vun der Abannung vun de Bierger, mengen ech, dat wäitgeendst Instrument, wat mer eigentlech jee eng Kéier zu Lëtzebuerg haten, en place gesat hunn, well et mir immens wichteg ass, dass mer en direkte Retour aus der Bevëlkerung hunn an dass déi Leit eis herno an enger gewësser Hisiicht och hëllefen, Am-

bassadeuren vun eeben enger moderner Landesplanung ze sinn.

Dat alles soll dann Enn 2021 souwäit landen an dann hu mer 2022, fir eeben de Programme directeur ze schreiwen. Mir hunn do elo och schonn e Bureau d'études mat ganz gudder Consultante geholl fir eeben och detailléiert Instrumenter, déi mer da eventuell zousätzlech wëlle maachen.

An dann ass am Joer 2022 as nach eng Kéier eng grouss Biergerbedeelegung. Enn 2022 wäert de Programme directeur da stoen. An natierlech ass de Syvicol ganz enk ..., et ass e wichtige Partner, den Emile Eicher weess dat. De Syvicol ass an eisem Comité consultatif an ech denken, och doriwwer eraus dass en dosëtzt an elo alles matkritt vun deenen Aarbechten, wäerte mer och permanent mam Syvicol als Verrieder vun de Gemengen am Kontakt sinn. Well et ass nëmme, wann d'Gemengen an d'Regierung enk zesummeschaffen, dass mer bei der Landesplanung weiderkommen.

Souwäit vu mir. Nach eng Kéier e ganz grouss Merci un d'Rapportrice an un lech alleguerten, dass Der dëst wichtegt Gesetz stëmmt, fir dass mer elo endlech déi véier Plan-sectorielle kënnen ëmsetzen. Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Minister Claude Turmes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7640. Den Text steet am Document parlementaire 7640⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7640 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech en Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Projet de loi mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou decidéiert.

Mir sinn domadder um Schluss vun eiser Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kennt muer de Mëtten um zwou Auer nees zesummen. D'Sitzung ass opgehewen.

(*La séance publique est levée à 17.13 heures.*)

Le saviez-vous ?

CONFÉRENCE DES PRÉSIDENTS

La commission dénommée « Conférence des Présidents » décide des questions relatives à l'organisation des travaux parlementaires, propose l'ordre du jour de la Chambre et donne son avis au sujet des projets de règlement grand-ducal pour lesquels son avis est requis en vertu d'une disposition légale.

PÉTITION PUBLIQUE

La pétition publique ne peut être introduite et signée que par le formulaire spécial disponible sur le site Internet de la Chambre des Députés ou par un formulaire sur papier mis à disposition par les services de la Chambre. Elle doit être d'intérêt général et d'intérêt national et respecter les principes d'éthique. Un sujet similaire à celui d'une pétition précédente ne peut être introduit qu'après un délai d'une année.

Pour introduire et aussi pour signer une pétition publique, il faut être âgé d'au moins 15 ans et être inscrit dans le registre national des personnes physiques, disposer donc d'un numéro de matricule. La Commission des Pétitions examine la pétition et émet un avis au sujet de la recevabilité. La Conférence des Présidents décide de sa recevabilité.

Si une pétition électronique atteint ou dépasse le seuil des 4.500 signatures, un débat public est organisé au sein de la Commission des Pétitions et de la commission compétente pour le sujet en question. La réunion est transmise en direct par la chaîne télévisée de la Chambre.

Les pétitions publiques n'ayant pas atteint le seuil des 4.500 signatures peuvent être, sur demande du pétitionnaire, converties en pétition ordinaire.